

Hie souz do de Concert ze lauschteren

Et war un engem spéide Sonndegmueren virun e puer Wochen. D'Plëss war voll vu Leit, déi d'Fréijoorssonn op den Aperitiv gelackelt hat. An um Kiosk huet d'Militärmusek gespillt.

Hie souz do niewend mir de Concert ze lauschteren an iwverdeems e waarme Schockla ze drénken, mä en as mer réischt zerguttst opgefoll, wéi e mech ugeried huet. En huet englesch geschwat, mä däers vun déisäit dem grouse Pull.

Wat ech mer géif denken, wann elo ee vun de Muséker géif opstou an dem Dirigent eng fatzeg erfroossen, wollt hie wëssen. Ech hun zréckgefrot, op de Concert him net gefale géif.

Am Géigendeel, ganz gutt, sot en, mä ech sollt him op séng Fro äntwerten; wat da wuel ménger Meenong no geschéich.

Wat geet ee mat sou enger Fro ufänken? Ech hu mer den Här Nimax ugekuckt an hu gemengt, sou séier léiss deen sech och nach nët beetschen. An da misst jo och eng Ursach do sin, an dat géif dann alt e klenge Skandal weider, hun ech gesot a mech gewonnert, well schauten as den Amerikaner mer am Fong nët virkomm.

„Abbee“, sot en, „da wëll ech iech eng verzielen. Mäi Grousspapp war dat ëmstand, an duerfir sin ech haut Direkter vun der „Chicago Tribune“.

Dee Friemen hätt mer egal wat verzape kënnen, ech hätt sécher nët méi domm dragekuckt.

Mä du foung en un ze verzielen.


Säi Grousspapp wir e Lëtzebuenger gewiescht. E Museker, deen am Frankräich stodéiert hat an deen sou ëm 1900 bei d'Militärmusek koum. E kéint mer seguer den Numm vum deemolege Kapellmeeschter son, Edmond Patzke hätt e geheescht, an deem hätt säi Grousspapp an enger Museksprouf, 1903 wir dat gewiescht, der e puer giedlech erfroemoss.

„Ech weess nët firwat se sech gestriden hun, mä mäi Grousspapp war e fixeirege Brudder, deen sech nët gutt am Zam hale konnt. An du war et geschitt.“

„Dat wäert Konsequenze gehat hun?“, sot ech an hun un d'Militärstrofe geduecht, vun deene jhust elo an dësen Wochen um Krautmaart Rieds war.

„T hätt der doutsécher gehat“, huet dee Frieme gelaacht, „an dat woussst mäi Grousspapp. Nach an derselwechter Nuecht, séng Leit haten zu Jonglënster eng Postkutschenstatioun, huet en sech e Päerd geholl an as verschwonnen. En huet sech bis op Antwerpen duurchgeschlon a vun do aus goug et an Amerika. An en as nimools hannëscht op Lëtzebuerg komm; aus Angscht, huelen ech un.“

„Dat maacht dir elo a sénger Plaz?“ wollt ech wëssen.



„O ech war schons e puermol heiiwwer“, huet den Thomas O'Donnel mer geäntwert a mer an engems séng Käärtche gin; hien hätt dacks an Europa ze dongen an „heiheem“ hätt hie jo nach e Koup Famil.

Säi Grousspapp, huet en du virun erzielt, hätt zu Chicago, wou déi meeschte Lëtzebuenger jo higaange sin, e klengen Hotel ugefaangen an do e lëtzebuenger Meedche bestuet; och eent vu Jonglënster sot en. An eent vun hire Kanner gouf spéider mat engem Irlänner bestued, deem niewebäi d'„Chicago Tribune“ gehéiert huet.

„Dat war mäi Papp“, sot den Mr O'Donnel, „an haut maachen ech säin Job virun.“

An deem Ablack war de Concert jhust eriwwer an d'ganz Plëss huet begeeschtert an d'Hänn geklappt; den Zeitungsdirakter och.

„Wann ech dat richtig gesinn“, sot ech du, „wiert dir haut nët un der Spëtzt vun der „Chicago Tribune“ wann äre Grousspapp dem Dirigent vun der Lëtzebuenger Militärmusek vun 1903 nët eng erfroemoss hätt.“

„Gell“, sot hien, „esou geet et am Liewen, dat erfënd ëmmer di schéinste Geschichten.“

A wéi ech him d'Flou an d'Ouer gesat hun, déi Geschicht do, déi misst een hei zu Lëtzebuerg dach wiirklech mol zu Pabeier bréngen, du huet en näischt gesot, mä iwwert d'ganz Gesiicht geschmonzt an e grouse Portefeuille aus der bronger Posch niewend sech erausgezunn. Dodrann hat en eng ural Foto mat zwee jonke Borschten drop.

„Dee mam Kräiz do iwwert dem Kapp, dat as mäi Grousspapp“, sot en, „wann der mer verspricht, datt ech d'Foto erëmkreien, da loossen ech iech se.“

An iwverdeems wou ech d'Foto ëmgedréit hun an den Numm vom Borscht, Pierre Calteux huet e geheescht, liese konnt, an datt hien 1869 gebuer war, wollt den Här O'Donnel wëssen, ob ech ee kenne géif, „fir déi Story ze schreiwen.“

Ech géif esou ee kennen, hun ech him geäntwert an him versprach, him „d'Story“ mat der Foto op Chicago ze schécken.

Wéi gesot, et war e Sonndegmueren op der Plëss, an hie souz do, der Militärmusek hire Concert ze lauschteren . . .